

Finn, Mim, Bim a Cie, Dikirch a séng Unikumen

Pierre DILLENBURG



Et ass natirlech mat Freed a vill Emotioun datt ech den Owend op Wonsch vun ärem Schefferoot op Dikkrich komm sin, mä awer och a méng Gedanken verluer un all dei, un dei ech geduecht hun wei ech des kleng Causerie virbereet hun. Ech haalen se op Letzebuergesch, mä dir wäert feststellen datt ech mein „Dikkricher“ an deenen baal 50 Jaar wou ech net mei hei wunnen, e beschen op der Streck gelooss hun. Et war och nie ganz esou perfekt, well méng Mamm eng Staater war an nemmen méng Bomi a mei Papp vu Stippercher a Muurten geschwaat hun.

Ech war viru kurzem erem um Kirfecht an emmer wann ech do een Tour teschent de Reien vun de Griewer machen an d’Nimm vun deenen liesen, dei net mei do sin – a vun deenen ech der vill gudd kannst hun – koennt a mir ee Gefill vun Trauregheet a Nostalgie op, daat ech dann versichen ze verdrängen andeems ech un dei schein Zeiten denken, dei ech a ménger Hémechtsstadt verbruecht hun. Et kommen mir dann baal emmer 3 lateinesch Sprech an de Senn, dei op Dikkricher Maueren stoungen oder nach stin an dei vill aussoen iwert daat waat am Liewen wichteg ass.

Wei Dikkrech nach séng Festungsmaueren haat, stoung op enger vun den Agangspaarten – op där ennen an der Grussgass direkt niewent deem Haus wou ech grouss gi sin: „Pax intransibus, Felix exitus“ – Fridden deenen dei eis besiche kommen a Gléck fir dei dei erem gin. Op der Madame Dell hirem Haus an der Entrée vum Park – do wou elo d’Recette communale d’Suen asseckelt – steet a scheine Buchstaven: „Parva domus, magna quies“ an datt seet vill aus iwert daat waat am Liewen mei wei eppes aaneschters zielt: och an engem klengen Haus kann ee ganz zefridden mat sech an der Welt liewen. An an der Entrée vum Kockelbiereg haat den Doktor Flies op séng Praxis schreiwelooss: „Salus aegrorum suprema lex“ an, mir wessen et all nach ze gudd: et geet neischt iwert eng gudd Gesondheet! An andeems ech un dei Sprech erenneren, kommen mir och direkt Figuren an de Senn dei des Stadt am Laaf vun hirer langer Geschicht markéiert hun. Där dei mer net mei persénlech kannst hun an där dei eis nach a gudder Erennerung sin.

Ech muss awer, ier ech zu méngem Panoptikum vun immens dichtegen, echten oder schrulligen Dikkricher iwergin, ee klenge Réckbléck vu 50 Joer machen, wei des Stadt hiir 700 Joer gefeiert huet an d’Feierlechkeeten mat engem historieschen Cortège opgehalen hun, deen neischt mat eischter primitiven Bauerekirmesemzig oder naiven a falsch kostuméierten Corsoen ze din haat. Do huet alles iwert d’Jorhonnerten dei défiléiert sin gestemmt, an ech soutz selwer voller Stolz als joncke Rémer vrun der Kuliss vun enger vum Professor Roland Lakaff conzipéierter a vu méngem Papp gemolter reimescher Villa, dei vun enger Equipe Sklaven am Lendenschurz vum Cercle nautique, ennet de Geissel vu Luka’s John, duerch d’Stroossen gezun giew. Vun deenen 5, dei nach mat mir do gezecht hun a Pouletsschanken an d’Leit geworf hun, sin der leider schons 2 net mei bei eis: d’Maggy Weis an Mathgen’s Ted, 2 besonnesch gudd Jugendfrenn vu mir. Dei aaner waren Scheifesch Guy, d’Marianne Seyler an d’Maria Winandy a mir véer denken nach oft mat Freed un deen Dag zeréck. Um Festwoon vum Professor Lux – ee Scheff mat 7 Ségelen – hun 7 Gratien dem Vollek lanscht d’Stroossen zougewénckt vun deenen der haut den Owend e puer hei sin.

Ech denken awer och emmer erem mat Stolz un dei Stadt um Fuess vum Herrebiereg, wou ech als leschten Zaldot vun der fréerer Armei Garde gestanen hun, wou et schons de Kelten an de Rémer gudd gefall huet, dei vun den Institutiounen hir un zweeter Platz am Land könnt, dei eng Schlussprozession huet an iwerall fir hier leselen bekannt ass, obwuel et der hei net mei get wei soss enzwouch! Hirem Ruff



als groussen Schoul- an Touristenzenter ass schons lang gemach. De Professor Stehres an den Alexis Heck hun hir Platz an der Dikkricher Geschicht grad esou wei de Paul Eyschen, de Joseph Bech, de Jules Vannérus oder Politiker wei den Alphonse Greisch, den Henry Cravatte, Herr's Jos, Molitor's Ben, Barthel's Néckel oder Ewen's Mich, fir nemmen vun deenen ze schwetzen dei leider net mei bei eis sin, mä un dei oft eng Dikkricher Strooss erennert. An och dei, dei am Krich de Preisen de Bass gehaalen hun an oft hir Resistenz mam Liewen bezuelt hun-do komme mir Nimm wei Noesen, Kuhn, Lemmer a Manon a de Senn – oder aus dem Maquis, als Zwangsrekruteierten oder Saldot an den Alliärten Armeen-ech denken un d'Jongen Neven a Peters-net mei heem koumen. Aeren intressante Militär Musée am Aganck vum Balerdall, ass ee scheinen Témoignage un enger ellener Zeit, während där Dikkrich, besonnesch och während der Rundstettoffensive, uerg gelidden haat.

Dikkrich ass wei Veianen an Echternach an der ierweschter Halleschent vum Land keng Stadt wei dei aaner. Sie hun all eppes Appartes bei deem de Lokalstolz an eng gewessen Sturheet net u leschter Plaatz kommen. Daat Lescht hu mir vleicht wirklech mat deenen zeien leselen zesummen, dei alles wei keng domm Deieren sin a genau wessen waat se wellen a net gär hun.

Ech denken un de Kollisch an deem ech während siewe Jaar d'Bänk gedréckt hun a mir all de Professor Edmond Lux, stramm am Spaléer lanscht d'Wänn vum lange Ganck, mat „Bonjour, Här Professor“ hu missten begreifen. Deemols haaten d'Profen nach all ee Kostüm mat Cravatte un a waren net wei d'Schüler gekleed. Haut sin se oft mei schlemm wei dei none gemach. D'Welt ass eben anescht gin! A mat villem waat deemols vun hégem Niveau war, get haut oft nemme mei zu Onrecht de Geck gemach. Ech denken un de Pensionnat Notre-Dame wou, an der strenger donkelbloer Uniform oder am Schierteg esouvill Frendinnen mä awer och vill jonck Médercher vun auswärts – ennert hinnen méng speider Sekretärin Gitty Perrard, mä awer och vill mei frei d'Duechter Benz, dei vu Mercedes-Benz, als Frenidin vu Wagnersch Valy – d'Bänk gedréckt hun an net hun dürfen opkucken wann sie, schei brav an der Rei mat der Nonn een Tour duerch Dikkrich gemach hun a e puer Jongen begeint hun! Daat waren nach Zeiten! Et war och deemols wou mir am Kollisch all Sonndes Muerges am Cortège, d'Musék an de stolze Portier Scheer's Jäng virop, an d'Dekanatskirch an d'Mass goungen an de Bochem gudd opgepasst huet wien geschwentzt huet! Et war dun wei ennert dem Direkter Ben Molitor punkt 8.00 Auer d'Dir zou war an een huet missten eng Erlabnis vun den Elteren hun fir an een Dankkur ze goen. Mir wossten Gottseidank nach neischt vun Drogen a waren frou wa mir konnten brav doheim bei engem Kollég op dem Elvis séng Lidder rocken.

De Ben Molitor, wann hien nach hei wär, könnt eis och vun e puer Dikkricher Originaler schwetzen. A sénge Causerien op Radio Letzebuerg huet hien oft vun Al Dikkrich geschwaat an iwert daat waat esou em séng aal Kirch geschit ass, dei der Satd hire Numm gin huet a baal eemol ofgerappt gi war. Haut ass t'Kirmes em sie satdt-a landbekannt. An ech hoffen datt och geschwenn daat modernt Gebei als Verlängerung vum Kulturhaus endlech ferdeg get.

Beim Ben koumen den Emile Kowalsky, Physiksprof am Kolleisch, de Braun's Pierchen, onni deen keng Frei-an Duddemass gehaalen gow an de Koschternéckel grad esou zur Sproch wei de Bennewächen, de Zécheprof Oth, Schossel's Jängel a sein Elise, dei och grad wei Zeyens Lysie op sengem Motorrad an daer berühmter Revue vun fréer un d'Rei koumen, Stipges Jang, Muppas Pier, Menesse Jopp, de Puff, d'Weissmimi an Fulljeunehes Aendri a sei Liischen. De Ben wosst och nach wei den Simon's Nikkla um Bock vun der Postkutsch den Dikkricher per Posthaar vun der Fielserstrooss ugekennegt huet, datt hien geschwenn ukeim. Wann ee bedenckt datt sei Jong, den Hubert, op d'Honnert hi geet wei wann neischt wier, kann ee nemme soen, datt hien zu enger zeier Rass gehéert. De Ben huet der esouvill nach kann oder sech op d'manst u sie erenneren können, datt ech nemme staune konnt wei ech a sénge Causerien nogebliedert hun. Hien huet esou guer gemengt dei huel Wett a bestemmt den

Deiweselter och hätten mat en all geschwaat, well sie se all kannt huen: de Klosterbatt, Cloose Jang, Mupas Mich, Husars Wöllem, Pawäer Franz, Vullejentges André an esou weider. Vill vun deenen sin och mir kee Begreiff mei.

Wann ee bedenkt dass och de Victor Hugo a séngem Exil teschent 1862 a 1865 mei wei eemol op séngem Wee no Veianen an uerchert Land duerch Dikkrich koum an eng Kéer, wei een geint 6 Auer Owes am Schloreem op der Gare ukoum, wou vill Leit en empfang hun, eng flott Madämchen bemierkt huet, dei en 2 Dég duerno op engem Concert zu Veianen erem gesin huet. Sie war, wei de Frank Wilhelm et weess, d’Fra vun engem Friddensrichter vu Gand an am Hôtel des Ardennes an der Vakanz an deem de Victor Hugo mat sénger Famill de 25. August 1871, wei en erem eng Kéer am Land war, och zu Gaascht war, well en huet missten um Tribunal als Zeien optrieden. Deen Owend huet en a séngem Zemmer no 15 mat Salon opgeschriwen wou en iwerall hin kucke war an och vun der Buerge vun Esch-le-Trou geschwaat!

Seithier ass viles anescht gin a viles kennt ee net mei rem. Munches ass besser a munches awer och manner gudd gin. Mä daat henckt och vun de Lett of, well dei och anerer oder anescht gi sin. A mir mussen esou oder esou mat der Welt viru goe a nemmen mat enger Trein am Aa un dei dencken, dei zu hirer Zeit Dikkrich hire Stempel opgedréckt haaten.

Méng Grousselteren vun der Pappeseit sin allenzwee am aalen Dikkrich an der Noperschaft vum Wir-tgensschlass gebuer a gruuss gin, an enger Zeit wei d’Festungsmaueren schons lang gefall waren, mä de Liewensrythmus an de Wuelstand nach lang net dei vun haut waren. Deemols ass nach alles vill mei lues a roueg erofgangen. An der Kaarregaass hu se nach d’Wasser aus dem Petz geschäft, mä vleicht manner wei mir vun den Dikkricher Reimer gewosst. D’Mosaik bei Simon’s Nikkla sénger Garage op der Esplanade sin nämlech ereischt mei speit font gin, an et haat och nach keen am Dechensgaard gebuddelt. Op der Sauer um Bour goef d’Wäsch geblellt – och nach wei ech kleng war! – an dann dei proper Hiemer bei d’Streckech gedroen.

De Joseph Bech huet mer oft verzielt wann ech hien op der Tschidechmillen besicht hun, wei hien mat méngem Grousspapp an de Gässel um Bottermaat de „Barbier de Séville“ opgefeiert hätten. Et wär ee gär dobei gewierscht!

Op der Kluuster stung nach ee richtegt Kluuster an et guew schons an der Noperschaft vun enger falscher Grott Béer gebraut. Et guew och, wei gesoot, vill Theater gespilt an am „Schraimermeeschter Peitchen sénger Wirkstat – ee Stéck vu méngem Grusspapp Pir Dillenbourg – hun den Ditsche Philippe a séng Fra, Steffen’s Fränzchen, an d’Mamm vu Müllesch Men d’Haaptrolle gespilt. Am Hôtel des Ardennes – ech hun e schons erwähnt – sin elegant englesch a franseisch Touristen aus-an agangen, hun an der Sauer gefescht, den Deiweselter bewonnert an am Mellerdall, wouhinner si den Alexis Heck mat Kutsche gefeiert huet, ee Bléck op den Scheissentempel geworf.

Et guewen wonnerschein Blummefester a Fueskavalkaden organiséert. Bei enger vun hir huet de Wonn vun der Brauerei mat engem riesegen Humpen drop, deen mei Papp bemoolt haat, am Gruew duerch ee Kurzschluss feier gefangen a fir e beschen Oprou gesuergt. Fir d’Gloscht op eng Haamen-oder gekachte Keisseschmier ze stoppen guewen flott Ausflug bei Reutesch op den Härebiere a bei Greisens op d’Fieslerstross gemach. Bei der „Hochzeit zu Dingsda“ war de Klein’s Pierchen d’Schweiermamm an huet stolz u séngem Brillanteréng gedreit, an um Hippiksbal guew d’halleft Land sech Rendez-vous. Ech weess nach gudd wei méng Mamm sech mat Begeeschterung fir daat Evenement verkleed huet an eemol zum hellegen Antonius gebied huet wei sie hiir Kescht mat de Fuesbijouen net erem font huet! Fischech Joé, Weisen’s Pierre a mei Pap, an heinsdo och Hirtzingsch Rob waren dann emmer mat Begeeschterung um Tour vu Bistrot zu Bistrot an hun, emmer aanescht verkleed, d’Lett mat hirem flotten Bänkelgesanck ameséert. Et war Zennesch Jacques deen dei flott mei offiziell Fuesladder op bekannte

Melodien gedicht huet an „D’Fuessiicht zu Dikkrich ass richtig rem am Jum, kommt all op Dikkrich mat der Hickicht“ klengt mir lo nach an den Uuren. A grad esou hiren ech nach den Trapp an de Galopp vun de Paerdsrennen duerch d’Dikkricher Stroossen, d’Musék an d’Gebieder vun der Schlussprozessioun an d’Kréch laanscht Fielser Stross wann d’Young Boys erem ee Goal geschoss haaten. Ech hun och ee scheine Souvenir un d’Primiz vun Daman’s Paul an un dei vu Minette’s Camille deen ech elo all Woch a séngem neien Heem an der Résidence Ste Elisabeth am Park begeinen wann ech do mei Cousin besichen.

Losse mer nach eng Kéer stell an a Gedanken op de Kirfecht goen: Grouss Leit wei d’Tschideren, d’Mongenasten an d’Vannerus’en deelen sech hei d’Platz mat deenen dei bei der schrecklecher Cholérasepidemie am 19. Jaarhonnert emt d’Liewen kumen a mat einfachen, mä dofir net manner bekannte Lett wei de Jängel an de Frin, dei bei Suttor’s Anna mei wei eng Drepp erofgekippt hun, den Hecke Julien a Schinhoven’s Marechen, deem séng denngeseiten Haar, sei wackelege Ganck a séng haart Stemm mer nach gutt am Kapp sin, oder Freiséng’s Mechel a sein Anna, Adamy’s Jules, Hut’s Siss, Hecke Julien a séng Sémaschin, Scheer’s Magrit, daat all Meindes bei eis d’Wäsch mache kum, Merckesen Anna daat de Scala an de Nord bewacht huet, de Schenert aus dem Neiewee a Schroedesch Ferdy, deem sei schingt Haus dem Altersheim huet misste Plaaetz machen.

Do dinken ech och un Estgen’s Mich, deen sou oft um Duddewoon gefuer ass, un den Duddegriewer Heck an un de Lorang vun der Lann, deen dei Dudeg nach mam Paerdschbillard op hir lescht Platz geféert huet.

Mä awer och u Fische Suzette, – sei Papp soot emmer wann e vun der Lag vun engem Commerce geschwaat huet. „Et geet neist iwer ee gudden Eeck“ – daat mat séngem Butték verwuess war a bestëmmt wei Schroedesch Marcel an de Bäcker Lentz mat der weisser Schipp begruewe guez – ech haat méngem Papp séng him net op séngem leschte Wee ugedun an et deet mer bal leed! – bis eriwier bei Kuhn’s Maisy a sein Albert, dei wei Masslesch Lex, Fischech Joé, Weltesch Pierre, Ditsche Bernard, Barthel’s Josy, Héintze Jos, Heblesch Aenty, Keltischen Hipp, Sassel’s Jang, Lorang’s Jeanny, Manon’s Théo, Moulin’s Mais, Lentze Jos, Hermesse Franz, Colling’s Aloyse, Growen’s Albert, Liesche Marechen, Clause Jules, Lorentze Josy, de KaappePütz, Schennetten’s Nikla, de Müller-Theis, Nickelse Marcel a sei Kathrini, Bollendorf’s Suzette, Esche Ren a sei Setty a munnech aanerer vill fir d’Dikkricher Geschäftsliewen an d’Handwierswelt gemach hun. Denkt dir nach un Drussels Malzkaffi an un de baal Tennisprofi Jean Krombach a sei Nathy, un Seereis Holz, Costesch Léder, Heintze Miwwelen, Bresslesch Kleeder, Rischartz Kamellen, Meris Ren séng Autoen, Maprés’s Maschinen an Degrand’s a Weisse Schong? Grad wei dei deemols nach vill Baueren aus eiser Gemeng an dei dei Eeler vun iech nach gudd am Kapp hun a grad och wei de Buergemeeschter Theis deen als grouse Frankreichfan séng zwee Buewen Aristide a Raymond genannt haat, no deenen 2 franzeische Präsidenden Aristide Briand a Raymond Poincaré. Alle virop awer eis Brauerei em dei an der Lescht esouvill gekämpft guez a bei där ee muss un den Här Leclère, den Här Bock, riicht ewei eng Kärz, Kieffesch Gast, Bohrmann’s Néckelchen a Schmoettens Aender dinken.

Mä awer och u Webesch Jäng, un deem séng agemachten Hierken vu fennef Frang ech nach oft denken, an un den Dokter Hetto, deem sei rouegt Wiesen oft dei beschte Medezin fir dee Kranke war. Hien huet mam Dokter Sinner dem Deche Colling, Ferbesch Charel, der Madame Mores – d’Fengerschens genannt – Hiertzen Helène, Michelse Mich, Pleim’s Val, Infalt’s Cos, Fischbach’s Martin, Hosse Siss, Thilgese Jemp, Welbesse Margot a Marguerite, Brück’s Charel, Goebels Louis, der Thirifay’s Gued, Hurt’s Cony, Cassel’s Maria, Ferbesch Charel, Michelse Mich, Lorang’s Néckel, Kartheisesch Helène, d’Marechen aus dem Radar, Federspiel’s an Turmessen, an op aanere Gebidder, d’Schwesternen Consolata a Caritina am Spidol a Martina a Geneviève, d’Kaplein Weiler, Weymerskirch an den Tolly Schlessen, d’Jofferen Faltz, Majerus a Weis an d’Schuulmeesteren Elz, Leyder, Molitor, Kremer an Dahm fir de Lett hirt Wuel vu Leif,

Geescht a Sél gesuert. Daat huet och d'Mamie Winter um Härebierg fir esou vill Saldoten gemach. An de Roger Gerson huet mat sänge schein Landschatsbiller a Portät'en fir eise Senn fir d'Konscht gesuert.

A propos Wuel vum Leif: ech ka mech nach gudd erenneren wei den Dokter Mambourg mech a senger dekapotabler Machine an d'Spidol gefuer huet wou ech mam Blinddarm opereiert giew. Ech mengen deemols ass bei Weltesch am Kino ee Film iwert d'Bernadette Soubiroux gelaaf an ech war ganz traureg datt ech dee verpasst hun. Bei der „Sünderin“ awer war ech derbei, obwuel den Dechen Colling vum Priedegstull erof eis all mat Exkommunikatioun gedreet haat – besonnesch der Famill Welter – wa mir giewen dem Hildegard Knief sei plackege Réck kucke goen. Wann ee bedengt waat een haut alles a Filmer an op Internet geseit, kann ee wirklech behaupten mir géwen an enger aanerer Zeit liewen!

Mat deenen dei ech lo virdrun opgezielt hun, gouw d'Bild ofgerennt vum Distrikskommissär François, dem Sasa, dem Pemmerse Pol, deenen als agefleeschte Jonggesell mat sänge „Young Boys“ dach ee Koupp Jongen haat, dem Lacaf's Bouboule mat hirem Bubikapp, den Dammen Merten, Salentiny, Greisch, Eiffes, Coster a Wagener, dei vill Allure haaten an op hire Kaffiskränzercher mat Genoss Schulzen hir Kichelcher giess hun, oder och dem Juttel's August a sängem Mathilde, eng Fra mat Charakter, där hir lang roud Fangerneel mech schons als klenge Buew stark impressionnéert hun, an dei bei Weltesch am Kino – sie huet wei méng Mam kee Film verpasst! – emmer op hirer Platz an der zweeter Rei vum Balkon huet misste setzen. A wa mir schons vum Ciné Caméo schwetzen, wär et baal eng Dudsenn net u sein Opérateur Weltesch Pierre a besonnesch Weltesch Siss ze denken bei deem jiddereen huet missten passeieren fir sei Billetje gerappt ze kreiën. Dei Zeit huet eng Platz an deenen eischte Reien nemme fenef Frang kascht!

Ech denken un d'Madame Schulz, där hirt Poupette bei Kinzé's Jos an de Gesangsunterrichtung, an hirem wonnerschinge Buttek, dee leider verschwonnen ass, an där hir roud Kiischtenurég guer net zu hirer strenger Kuck gepasst hun. Hire Kinnekskuch an hir Marzipansschwéngerscher a Kaktussen hukung Konkurrenz brauchen ze faerten. Viru mir gesin ech och Nockelse Georges séng Mamm, dei mat hire lange Fanger a Neel d'Hausmacher Sauerkraut aus engem stengen Deppen gekroopt huet, an och d'Madame Reding an hir apart Hitt a Steichen's Flix wann hien fir sein Hélène d'Kommissiounen gemach huet. A wei könnt ech net och un Wilhelm's Auguste denken, ee richtegen Gentleman mat vill Allure, Humor an engem groussen Haerz. Oder u Reilessen Emile, Wollefs Cosy an d'Affekoten Hetto a Probst.

Ee Besuch a Bourscheid's Marguerite sängem Bicherbutték-d'huet emmer vu sängem Ferdy geschwaat! – war ee klengt Evenement. Leit wei hatt a sei Lisy vu Veianen get et der net mei vill. An ech vergiessen ni, wei zur Fuesichtszeit séng Teik ennert de Boockemeiler verschwonnen ass. Ech denken och mat vill Freed un daat dommt Gesicht vun engem belschen Tourist, dee bei Hiertzen Hélène de Prais vun engem deieren Limogesteller op der Rechnung stoën haat, well en ganz ongeneiert sein Hond haat dra friessen geloss. Eemol ass d'Hélène um Wee op Pareis vu sängem Chrescht zu Metz aus dem Zug geruff gin a schnell op Dikkrich zréck gefuer, well Grand-Duc's sech fir d'Mettegiessen ugemellt haaten. D'Hélène haat d'ganz Welt bereest an ech hun him gär nogelauschert, wann et verzielt huet wei nuets um Amazonas de Krokodiller hir Aen wei Stären gelliicht hun. Där, wann och kulinarescher vun héchstem Niveau, hat d'Hélène jo als eischt op Dikkrich an iwerhaat an d'Land bruecht.

Och Fraen a Männer wei Janse Ferd, bei deem der vill schwamme geleeirt hun, Bollig's Will, Leger's Jaan, Thillen's Maurice, Schmitze Julie, Willemse Mett, Kassel's Maria, Blum's Hanni, Moulin's Tit, Fische Greidel, Lannerse Fränk, Steffen's Aloyse, de Papa Klein, deenen net gezéckt huet, op der Uergel an der Kirch e puer mei weltlech Tein no Himmel ze schécken, oder Wollefs Cosy, deenen d'Suen net zur Fenster eraus geworf huet obwuel en der nawell vill hat.

Een aaneren Dikkricher Phaenomeen, deenen vleicht kengem sou opgefall ass, waren dei vill Geschwesterjofferekoppelen, dei et hei gi sin: Tibessart op der Esplanade, Hemmerling, Burnert a Schiltz

am Bamerdall, Schmitz a Kasel op der Gare, Henrycy an der Palaststrooss, Lanners a Schintgen an der Kreizstroossass,

Ech gin de Neiewee erop an d'Lann erof, an iwerall gesin ech bekannte Gesiichter: Schroedesch Clairchen an dei leif Madame Berg, Barthel's Anna bei séngem Gemeisswoon an de Professor Goergen, de Fissi, mat séngem décke Gebiedbuch. Vergiessen kann ech och net Weissen's Pierre bei sénger Huwelbänck an Ahlborn's Carelchen hannert dem Steierrad vu sénger Citroen. An och net Bergh's Jemp séng Mamm an der Niklosgaass and' Madame Faber aus der Kléck, dei trotz hire ville Kanner eng Mannequins Taille behalen haat . An net ze vergiessen all dei sympathesch mä och heindsdo eegenarteg Hut's, Closter'en, Omesen a Spanier'en, dei der Satdt an hiren incke Gässelen vill Liewen agehaucht hun.

Ech gesi vru mir den Här Schirtz, riicht ewei eng Kärz, als Dirigent vun der Dikkricher Musék an där mei Papp dei kleng Tromm gespilt huet. Ech heieren de Benni de Gruet erop fueren, gesin d'Joffer Lanners an hirer ganzer Greisst an hirem Bitzbutték an de Schmitze Bauer op séngem Plou. Ech denken un all dei, dei net mei do sin an ouni Dikkrich ni daat gi wär als daat et haut a séngem 750 Jaar do steet: Fische Mathy an Thilmany's Tun a sei Maria, Gaul's Jemp a sei Maria, Heintze Nick, Zettingesch Nick, Willem'se Mett, Klein's Philippine, Sassel's Jang a sein Triny, Fabesch Jos, Schwinnigesch Aender an Deckesch Pol, d' Madame Stiefer an hiren Toly, Lorang's Henri, Gillen's Olga a Schlessesch Tun. Ech denken un d' Madame Job, an d' Madame Pesch, u Reisse Pier, Wagnesch Josy a Reckingesch Pol, u Forget's Naat a séng Tuba, un dei emseg Madame Lary, un Hamen's Mich a Masslesch Berthie, un Zigrand's Mil a Barthel's Josy, un d' Akela a Kasel's Néckelchen, un den Här Waxweiler an d' Madame Lenert an un de Velo'sbeiler.

An net ze vergiessen Molitor's Fennes, een sympatheschen Unikum an eng Dikkricher dame par excellence, dei bei der Hochzeit vun hirem Jong Frank an der aaler Kirch d'Schléf vun hirem lange Rack durch d'Grussgass gezun huet an als Präsidentin vum Syndicat d'initiative sech mat Leif a Sél fir hir Stadt agesaat huet. A wa mer schons duerech d'Stroossen flanéeren – an trotzdeem der vill vergiessen! – komme mer awer net laanscht Thiry's, Jaansen a Schou's Mett, d'Jofferen Hurt, Leyder a Mersch a Ferry's Jés, Eiffese Jos a Croisé's Mich, Weilesch Rosel an d'Gellerschens, dei an der Schwemm d'Zepter geféert huet, Ludig's Jos an den Här Goetz, Schmitze Bim an d' Mi a Jacoby's Strip, Schaaken Ditty, Mathgen's Fränz a Wintesch Nick. A wou get et der nach wei d'Hutten Daman's, den Tuubaaksneckel, de Mellechberger, de Kaapepütz, de Potschampstun, d'GeesseKleins vun der Fielserstrooss a Bazar's Jempy? An et wär schued fir net och ee klenge Gedanken fir d' Madame Manon, Lary's Sisy, Seilesch Tun a sei Marechen, Mergen's Jemp, Degrand's Jos, Dillenbourg's Irene, Sassel's Elsy an Nicolas Jos, Infalt's Jemp, Prentze Charel a Schlier's Jenny, de Carbon, Werthessen's Will, Pützen Emile a Pütze Ketty a sei Mann Rommese Vic, Roedesch Pier, Janse Josette, Noesen's Pier, Souvigné's Margot an Zanen's Pol ze hun.

Wou soll een ophalen? Well dir all kennt der nach vill mei an ech hun der vill vergiess, dei ech selwer net esou gudd kann hun. Et krit keen Enn. Zevill waer ze soen. Wei flott wär et, wann se op eemol all erem do wäeren a geingen duerch d'Stroossen vun Dikkrich treppelen, hirer Stadt, där sie ee Gesicht gin hun.

Et ass nun eemol sou, datt all Liewen zu Enn geet, mä d'Erennerung ka keen eis huelen. An et ass sie, dei mech, op Wonsch vun deenen dei elo d'Geschécker vun deser Stadt léden, zu deser konterbonter Causerie inspiréert huet. Eent steet fest: et ass kee Wonner datt an där Stadt, dei mir un d'Haerz gewuess ass, seit éweg alles e beschen anescht ass. Ech wenschen, datt daat nach lang esou bleiwt! An datt a 750 Jaar, wa mir all schons lang net mei do sin, sie monter op daat 3. Jortausend zougeet!

Ech war op alle Fall fruu, datt ech hät konnt bei iech sen a free mech elo op daat waat den Abbi eis ze verziele wéess.